LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
05 AOUT 2019

Luxembourg, le 5 août 2019

Concerne: Question parlementaire n° 885 du 9 juillet 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen.
Réf. : 82dx48407

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse du soussigné à la question parlementaire n° 885 du 9 juillet 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les "Policliniques".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour le Ministre de la Santé,

Laurent JOMÉ
Premier Conseiller de Gouvernement

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vum Här Etienne SCHNEIDER, Gesondheetsminister, op d'parlamentaresch Fro n° 885 vum 9. Juli 2019 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.

Wéi ass an deenen eenzele Kliniken de Service vun de Poliklinik organiséiert?

No dem Gesetz vum 8. Mäerz 2018 (« loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ») sinn d'Poliklinike keng Services hospitaliers. Soumat bestinn keng Definitiounen an och keng präzis Dispositiounen am Gesetz betreffend dës « unités de soins », esou dass de Gesondheetsministère net ka responsabel gehalen ginn fir d'Organisatioun vun dësen Unitéiten. Dës médico-technesch Unitéiten kënnen u verschidde Servicer (medizinesch oder chirurgesch) ugehaange ginn. D'Organisatioun variéiert jee no Etablissement.

Firwat ginn d'Chirurgen net un dësem Service bedeelegt ?

Chirurgen kënnen Akten innerhalb dëser Form vun Fleegunitéit assuréiere wann d'Missioun(en) vun dem Service oder vun de Servicer, un deen d'Unitéit ugehaangen ass, dës virgesinn. Den Etablissement ass responsabel fir dës Organisatioun.

Misst dëse Service net am Interessi vun de kranke Leit verbessert ginn a wéi sinn hei dem Här Minister seng Alternativen oder Virschléi ?

Verschidden « unités de soins non programmés triés » assuréieren déi net programméiert Fleeg. Dës ass eng zousätzlech Offer zu den bestoenden Strukturen am Land. Fir d'Offer vun der Fleeg ze strukturéieren an accessibel ze maachen, an d'Qualitéit vun der « prise en charge » trotzdem ze garantéieren, goufen eng ganz Rei vun Aktioune am Beräich vun der dréngender Fleeg duerchgefouert, wei ënnert anerem:

- D'Applicatioun DispoDoc
- Informatiounen vum Gesondheetsministère iwwert de Fonctionnement vun de « Maisons médicales »
- D'Reorganisatioun vun den Urgencen
- Sensibilisatioun par rapport zum Hausdokter

Doriwwer eraus huet d'Plattform Urgences, déi am Kader vun der Reorganisatioun vun den Urgencen op d'Been gestallt gouf, un der Definitioun vun den « indicateurs de prise en charge » geschafft, déi erméiglechen de Suivi ze assuréieren a Verbesserungen ze dokumentéieren.